DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Lëtzebuerg, den 17. Dezember 2020

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte weiderzeleeden:

*« Viru bal fënnef Joer sinn déi éischt fix Radaren zu Lëtzebuerg installéiert ginn. Zënterhier sinn der eng Rei derbäi komm, mat engem Total vun haut 25 fixe Radaren. Dës goufe bekanntlech op strategesche Plazen opgeriicht fir do d'Unzuel un Accidenter ze reduzéieren an d'Verkéierssécherheet ze verbesseren.*

*An deem Kader wollte mir dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte folgend Froe stellen:*

- *Ass dëst Zil erreecht ginn ? Sinn op de Strecken, op deenen e fixe Radar steet d'Unzuel un Accidenter däitlech erofgaang ?*
- *Wéi ass d'Evolutioun vu geblëtzte Gefierer pro fixe Radar ? Kann den Här Minister fir all fixe Radar d'Unzuel u geblëtzte Gefierer pro Mount, zënter dass de Radar installéiert gouf, opgeschlësselt no der Gravitéit vum Verstouss (Avertissement taxé 45€, Avertissement taxé 145€ + retrait 2 points, Procès-verbal) nennen ? »*

Mat déiwem Respekt,

Max HAHN
Deputéierten

Claude LAMBERTY
Deputéierten